**Un d'lëtzebuerger Europaparlamentarier**

Lëtzebuerg, de 6.Juli 2015

**betrëfft: Opruff - Fir de Vote vum Bericht zur « circular economy » den 8. Juli am Europaparlament**

Madame, Monsieur,

De 17. Juni 2015 huet den Ëmweltausschoss vum Europaparlament e Bericht zur Thematik vun der « Kreeslafwirtschaft » ugeholl, dien eng Rei vu konkreten Instrumenter virgesäit. Dëse Bericht fënnt déi breed Zoustëmmung vun den europäischen Ëmwelt-Organisatiounen. Engersäits well déi ugefouert Instrumenter erlabe kloer ekologesch Zieler ze erreechen, an anersäits och Aarbechtsplazen ze schaafen an d'Economi nohalteg an domat kompetitiv ze gestalten.

De Mouvement Ecologique ënnerstetzt ausdrécklech den Appell vun den europäeschen Ëmweltverbänn, datt dëse Rapport muar Dënschden an dem Plenum vum Europaparlament gestëmmt soll ginn (cf Schreiwes en annexe).

Mäer wollten Iech als Lëtzebuerger Europaparlamentarier duerfir opfuerderen, duerch e positive Vote mat derzou bäizedroen, d'Weichen a Richtung vun enger nohalteger Wirtschaftspolitik ze sëtzen.

Merci am Viraus fir Äeren Engagement!

Mat beschte Gréiss

Blanche Weber
Presidentin

Mouvement Ecologique, 6, rue Vauban, L-2663 Luxembourg, Tel: 439030-1, www.meco.lu, meco@oeko.lu